## ABLAUF DER STOLPERSTEINVERLEGUNG
## AM FREITAG, DEN 11. JUNI 2021 IN ECHTERNACH

15.00 Uhr — Beginn des Erinnerungsrundganges an der ersten Verlegestelle **15, rue Ermesinde** — 1 2

Ansprache des Bürgermeisters Yves Wengler


Vortrag der Biographien, Gedichte, Musik

16.00 Uhr — Verlegestelle: **2, rue du Pont** — 3 4
Vortrag der Biographien, Gedichte, Musik

16.30 Uhr — Verlegestelle: **2, rue St. Irmine** — 5
Vortrag der Biographien, Gedichte, Musik

*Wir bitten Sie die aktuell geltenden Hygieneschutzmaßnahmen einzuhalten. Das Tragen eines Mund-Nasenschutzes ist obligatorisch.*






**Fanny Levy, geb. Nussbaum**
geb. 04.07.1879
Déportéiert 16.10.1941
op Litzmannstadt

**Pauline Mayer, geb.Stern**
geb. 10.06.1876
Déportéiert 28.07.1942
op Theresienstadt

**Simon Mayer**
geb. 29.04.1875
Déportéiert 28.07.1942
op Theresienstadt

**Berthold Kahn**
geb. 03.05.1911
Expulséiert 05.12.1940
op Frankreich
Déportéiert 02.09.1942
op Auschwitz
ëmbruecht 04.09.1942

**Herbert Kerngut**
geb. 22.02.1900
Expulséiert 08.07.1941
op Hinzert
Déportéiert 25.08.1941
op Mauthausen
ëmbruecht 22.09.1941

**Malvine Wolf, geb. Gottlieb**
geb. 06.12.1877
Déportéiert 28.07.1942
op Theresienstadt
ëmbruecht 20.06.1943

**Simon Wolf**
geb. 06.03.1875
Déportéiert 28.07.1942
op Theresienstadt
ëmbruecht 31.10.1942

## KOOPERATIONSPARTNER

Ville d'Echternach – www.echternach.lu
Echternach École Régionale de Musique
MemoShoah Luxembourg asbl
Echternach Trifolion
Ciné Sura … Ihr Kino in Echternach
Amicale des Anciens du Lycée Classique d'Echternach
Österreichische Botschaft Luxemburg
Botschaft der Bundesrepublik Deutschland Luxemburg
Lycée Classique d'Echternach
Centre national de littérature Mersch
Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte
Consistoire Israélite de Luxembourg
Ambitus
Anno 1872 Echternach
Fondation Luxembourgeoise pour la Mémoire de la Shoah
Evterpe

JUDEUM EPTERNACUM

**Infos:**
Marina Leisen
Tel.: +352 72 92 22 25
**www.echternach.lu**

Design: kacom.lu, Echternach | Fotos: Marlène Soares, Marina Leisen, historische Archive | Titelbild: Robi Gottlieb-Cahen | Druck: Imprimerie de l'Est

# JUDEUM EPTERNACUM

## Erinnerungen an die jüdische Geschichte Echternachs

Im Gedenken an die Opfer des Nationalsozialismus hat der Künstler Gunter Demnig im Juni 2019 insgesamt 20 Stolpersteine an vier Stellen in Echternach verlegt. Am Freitag, den 11. Juni 2021 werden sieben weitere Stolpersteine an drei Verlegestellen in Echternach verlegt.

Am 27. Januar 2018, dem 73. Jahrestag der Befreiung des Konzentrationslagers Auschwitz, fand im TRIFOLION Echternach das Konzert der MemoShoah asbl zum Internationalen Holocaust Gedenktag statt. Dieses Konzert bildete den Auftakt einer besonderen Veranstaltungsreihe in Echternach – dem Judeum Epternacum. Im Rahmen verschiedener kultureller Aktivitäten, von Januar bis einschließlich Mai 2018, hat Echternach den Opfern des Nationalsozialismus gedenkt und sensibilisiert zeitgleich die zukünftigen Generationen für die Verbrechen gegen die Menschlichkeit.

Aus der Arbeitsgruppe „Solidarität und Frieden" heraus entstand gemeinsam mit der MemoShoah asbl Mitte 2016 das Projekt, an welchem mehr als 100 Personen aus sechs Institutionen, generationenübergreifend, mitgewirkt haben. Neben Vereinen wurden vor allem auch junge Menschen, insbesondere Schüler, durch Aktivitäten des Lycée und der Musikschule in das Projekt eingebunden.

Um über den Veranstaltungszeitraum hinaus zum Nachdenken und zur Auseinandersetzung mit der Shoah anzuregen, wird es eine umfangreiche Dokumentation aller Veranstaltungen des „Judeum Epternacum" sowie der historischen Aufarbeitung geben.







## 1 — 15, RUE ERMESINDE

### LEVY
### Fanny

D'Fanny Nussbaum gouf de 4.Juli 1879 zu Malberg gebuer. Bäim Amarsch vun der Wehrmacht huet d'Fanny zesumme mat hirem Mann, dem




Lëtzebuerger Albert Levy zu Iechternach gewunnt. D'Fanny an den Albert hu virum Krich den Hotel Prince Henri zu Iechternach bedriwwen. D'Fanny huet sech zum Zäitpunkt vum däitschen Amarsch missen ëm hire Mann këmmeren, dee schwéier Häerzkrank war.

D'Fanny ass den 16. Oktober 1941 op Litzmannstadt deportéiert ginn, vu wou se net méi erëm komm ass. Den Albert ass nach zu Iechternach u sengem Häerzleide gestuerwen.

## 2 — 15, RUE ERMESINDE

### MAYER-STERN
### Simon & Pauline

De Simon Mayer a seng Fra Pauline Stern sinn 1934 aus Däitschland geflücht an hu sech zu Iechternach néiergelooss, wou hire Fils Jules Mayer scho méi laang gewunnt huet



a mat enger Lëtzebuergerin bestuet war. Zu Hofheim hat d'Famill en Haus, mee wéinst hirer Flucht haten se keen Zougréff op d'Geld, dat hinnen aus dem Verkaf zoustoung. Hiren Enkel Mayer Manfred ass ee vun de wéinege Schüler gewiescht, déi opgrond vun den antisemitesche Veruerdnunge vun der Zivilverwaltung d'Primärschoul 1940 hu misse verloossen.

De Simon Mayer war säit 1942 de Mëttelsmann tëschent dem Consistoire israélite an den Iechternacher Judden. Sou huet hien 1942 missen 9 Juddestären un déi restlech Judden aus der Abteistad viruginn.

D'Famill ass 1943 op Theresienstadt komm an ass do gestuerwen.

## 3 — 2, RUE DU PONT

### KAHN
### Berthold



De Berthold Kahn ass 1911 zu Commern gebuer ginn. 1935 koum hien an d'Land an huet sech ënner anerem zu Biwer, Grosbous, Mantenach an zulescht zu Iechternach opgehalen, wou en 1937 d'Ida Kahn bestuet huet. De Berthold huet als landwirtschaftleche Kniecht beim Alois Spartz geschafft. Wéinst engem generelle Mangel u lëtzebuergeschen Aarbechtskräften an der Landwirtschaft war et fir jüddesch Immigranten an dësem Secteur am warscheinlechsten, eng Aarbechtsgeneemegung ze kréien. Den 4. Dezember 1940 sinn hien a seng Fra mam éischten Transport a Frankräich expulséiert ginn. 1942 ass de Berthold zu Montélimar verhaft ginn. No engem kuerzen Openthalt zu Drancy ass en den 2.9.1942 op Auschwitz komm, wou en ëmbruecht ginn ass. D'Ida Kahn huet den Holocaust iwwerlieft.

## 4 — 2, RUE DU PONT

### KERNGUT
### Herbert

Den Herbert Kerngut huet mat senger Fra a véier Kanner zu Iechternach gewunnt. Och wann e sech zum Katholizismus deefe gelooss huet, gouf hien de Nürnberger Rassegesetzer no als Judd agestuuft an huet als geléierte Comptabel seng Aarbecht net méi dierfen ausüben.




Hie war doropshin op d'Ënnerstetzung vum Consistoire israélite ugewisen. Nodeems hie fir d'Zwangsaarbecht an de Steebroch zu Nenneg agezu gi war, koum hie wéinst „Arbeitsverweigerung" fir d'éischt an d'Villa Pauly, éier en dunn iwwert d'SS-Sonderlager Hinzert an d'Konzentratiounslager Mauthausen deportéiert gouf, wou hien den 22.September 1941 ëmbruecht ginn ass.

D'Gebeuert vu sengem fënnefte Kand huet en net méi materliewe kënnen.

## 5 — 2, RUE ST. IRMINE

### WOLF-GOTTLIEB
### Simon & Malvine



De Simon Wolf, gebierteg aus Wavern, huet säit uganks vum Joerhonnert zu Iechternach gewunnt a war mam Malvine Gottlieb, Schwëster vum Joseph Gottlieb bestuet. Rechtlech huet d'Malvine duerch d'Bestietnis mat engem Auslänner d'Lëtzebuerger Nationalitéit verluer a war säitdeem staatelos.

De Simon huet zu Iechternach e Schonggeschäft bedriwwen, dat en 1940 misst un e kommissaresche Verwalter ofginn. Hire Fils Nathan huet Lëtzebuerg rechtzäiteg verlooss. 1942 sinn de Simon an d'Malvine op Theresienstadt deportéiert ginn.

De Simon ass den 31.10 ëmbruecht ginn. Seng Fra Malvine, dat nach kuerz duerno zu Theresienstadt säi Brudder Joseph Gottlieb erëmgesinn huet, ass den 20.6.1943 ëmkomm.



# STOLPERSTEIN-VERLEGUNG ECHTERNACH 11. JUNI 2021



ERINNERUNGEN AN DIE JÜDISCHE GESCHICHTE ECHTERNACHS

JUDEUM EPTERNACUM